N°7993
Entrée le 17.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Zënter 2011 ass zu Lëtzebuerg am Kader vum Projet „Asino" a vun der „Reitpädagogik" op verschiddenen Häff am Land mat Ieselen a Päerd op therapeutesch Aart a Weis mat Kanner geschafft ginn. Mengen Informatiounen no sinn dës wäertvoll Aktivitéiten Ufank Mee vum Educatiounsministère gestoppt ginn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister déi entspriechend Decisioun confirméieren?
    - Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?
    - Wéi eng alternativ Méiglechkeete plangt den Här Minister en Place ze setzen, fir de betraffene Kanner weiderhin eng vergläichbar Offer ze bidde respektiv wéi eng Konditioune misste vun de Bauerenhäff erfëllt ginn, fir de Projet „Asino" dierfe weiderlafen ze loossen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7993 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Wat dës Aktivitéiten ugeet, sou hu sech rezent verschidde Froen um organisatoreschen Niveau gestallt. Aus dësem Grond ass de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend amgaangen, déi jeeweileg Situatiounen ze préiwen.

D'Intentioun vum Ministère bleift et, fir weiderhin u pedagogesch Aktivitéite vun dësem Typ deene Kanner zougänglech ze maachen, déi dovunner kënne profitéieren, an d'Aarbecht, déi di verschiddene Prestatairë bis elo geleescht hunn, kënnen ze ënnerstëtzen.

De Ministère ass dofir schonns am Kontakt mat deene betraffene Prestatairen, fir esou zesummen no Léisungen ze sichen.

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH